Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Grupp Mère Thérèse Housen-Houschent | Cédric MALEK | 1, an der Triecht L-9837 Neidhausen | Tél: / GSM: 691 826 226 | info@lgs-houhou.lu

Näidsen, den 04. November 2019

NIGHT, Light and more - Festival

Dëst ass ee Festival dee vun den Naturparken Our an Öewersauer am ganzen Éislek organiséiert gëtt. Säit dem September bis nach am Mee 2020 lenken déi verschiddenst Aktivitéiten an Eventer d'Opmierksamkeet op d'Schéinheet vum Stärenhimmel an d'Nuetslandschaften, sou wéi awer och op d'Thema Liicht an Däischtert an all méigleche Facetten a Spektren. Méi Infoe fënns du op:

www.nightlightandmore.lu

→ An d'Scoute maachen och mat! ←

(L)Uucht bei de Scouten

Eise Grupp huet sech ee gemittlechen Owend iwwerluecht zum Thema Liicht an Däischtert.
Mir wäerte verschidden Atelieren zum Thema ubidden: du fënns ee Geschichten-Zelt, kanns dech bei engem Lagerfeier opwiermen, an an an...
Den Owend ass gratis an eis CaraPio verkafe Gegrillts a Gedrénks.

Wéini?:
16.11.2019
Auerzäit?:
Ab 18:00 (komm wéini s du wëlls), Schluss ass um 22:00
Wou?:
An a bei eisem Scoutschalet
Wien?:
D'Aktivitéiten si fir Grouss a Kleng, Scout oder net Scout.
D'Aktivitéiten riichten se zu engem gudden Deel u Kanner vun 6-14 Joer.

Mellt dech séier un,
d'Plaze si begrenzt!

Email: nightlightandmore@naturpark.lu
Tél.: 90 81 88 – 1

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,

Deng Chefekipp

www.lgs-houhou.lu